



rung virun allem sollt an deene verschiddene Gesetzer, déi sech eben elo mam Brexit ofginn, och eng eenheetlech Positioun zrëckbehalen, wat d'Iwwergangsphas ugeet.

Mir hunn als Kommissioun dunn och beschloss, datt mer géifen déi Iwwerleeung vum Conseil d'État suivéieren. Dat heescht also am Kloeertext, datt duerch dëst Gesetz elo zwee besteeënd Gesetzer ëmgeännert ginn, an zwar éischstens, dat modifizéiert Gesetz iwwert de Statut vun de Statsbeamten vum 16. Abrëll 1979 an och dat modifizéiert Gesetz iwwert de Statut vun de Gemengebeamte vum 24. Dezember 1985. Dat heescht, datt also duerno och déi betraffe brittesch Bierger hir Rechter géife behalen.

Wichtig ass nach, dëst Gesetz trëtt eréischt deen Dag a Kraaft, wou d'Veereente Kinnekräich vu Groussbritannien an Nordirland - dat gëtt jo munchmol vergiess, Nordirland gehéiert jo och derzou - d'EU verloossen, esou wéi den Artikel 50 Paragraf 3 vum Traité iwwert d'Europäesch Unioun dat virgesäit.

An deem Sënn ass dat heiten och e Gesetz, wat am Interêt ass vun deene brittesche Bierger, déi an der Fonction publique schaffen. An do-wéinst géif ech lech och bieden, dësem Gesetzesprojet zouestëmmen. An ech ginn och gläichzäitig natierlech den Accord vun der Demokratescher Partei.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Graas. Als éischte Riedner ass déi honorabel Madamm Diane Aehm agedroen.

## Discussion générale

► **Mme Diane Aehm (CSV).**- Jo, Merci, Här President. Ech soen dem Rapporteur villmools Merci fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport. Et ass effektiv en äusserst technesche Rapport, mä et däerf een awer ni vergiessen, dass och hannert engem technesche Rapport Mën-sche stinn.

An an dësem Fall stinn eng 45 Britten dohannert, déi awer hei zu Lëtzebuerg schaffen, déi hiert Liewen hei opgebaut hunn. An ech mengen, wann een hinne mat dësem Rapport oder mat dësem Gesetzesprojet hëllef kann, fir hir Situatioun ze vereinfachen no engem Brexit, da solle mer dat och maachen. An duerfir ginn ech heimmadder den Accord vun der CSV-Fraktion.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Aehm. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Dan Biancalana. Här Biancalana, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Dan Biancalana (LSAP).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, am Kader vun de Brexit-Diskussionen huele mer, mengen ech, haut de Mëtten hei Decisiounen, fir dass déi brittesch Gemeinschaft, fir dass déi sech jo hei zu Lëtzebuerg wuelfillt, ka weider hei liewen a schaffen, a wéi gesot, déi brittesch Statsbierger, déi an der Fonction publique schaffen, et sinn der 45, als Fonctionnaire, Employé, beim Stat oder de Gemengen, am Schoulwiesen, weider hei kënnen schaffen.

Et ass an eisem Interêt, fir kloer Verhältnissen ze suergen a fir ze verhënneren, dass mer am Impakt vun engem haarde Brexit si als Drëttstatler ugesinn. An anere Wieder: Mir loosse se net am Ree stoen. D'Optioun, näischt ze maachen, ass fir eis also keng. Et gëllt deemno och, eng Sécurité juridique ze gewäerleeschten. Déi Verantwortung, déi huele mer haut de Mëtten hei an, fir dass déi brittesch Statsbierger och hire Statut behalen. Ech ginn deemno och den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Merci.

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Dan Biancalana. An da wier et um honorabelen Här Marc Hansen. Här Hansen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Hansen (déi gréng).**- Jo, Merci, Här President. Ech géif dann och dem Här Gusty Graas Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport. A selbstverständlech sinn och mir der Meinung, dass een déi brittesch Matbierger net däerf am Ree stoe loossen. An duerfir gi mer den Accord fir dëse Gesetzestext. Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools. An da wier et um honorabelen Här Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Villmools Merci, Här President. Den Här Graas huet en

exzellente Rapport hei presentéiert, fir dee mer och villmools Merci soen. Et ass vläicht sënnavoll, datt den Här Minister a senger Intervention herno och nach eng Kéier kuerz mentionéiert, datt hei och déi Leit viséiert sinn, Britten, déi an engem Établissement public schaffen, notament och op der Europäescher Zentralbank oder op der Lëtzebuurger Zentralbank an dësem Fall, fir datt do och Kloeerheet besteet an datt dat och akteiert ass, datt dat och u sech fir déi Leit selbstverständlech gëllt.

Och huele mer Nott vun där Observatioun, déi d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics gemaach huet an deem Sënn, datt déi Situatioun, wéi mer se elo hei mat de Britte kënnen regelen, kee Präzedenzfall kann duerstellen, fir eventuell allgemeng Drëttstatler an der Fonction publique ze akzeptéieren. Ech mengen, och do ass et wichtig, fir drop hinze weisen, datt dat hei eng besonnesch Situatioun ass, déi net als Präzedenzfall ka gesi ginn.

Dat gesot, gi mer och als ADR ganz gär den Accord zu dësem Gesetz.

Villmools Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Kartheiser. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här David Wagner. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

► **M. David Wagner (déi Lénk).**- Merci, Här President. Mir wäerte selbstverständlech och dëse Gesetzesprojet mat ënnerstëtzen. Wéi virdrun och de Marc Baum gesot huet: Eis geet et jo virranging drëms - wéi jiddwerengem hei och -, datt d'brittesch Bierger hei zu Lëtzebuerg, Brexit hin oder hier, weiderhi korrekt behandelt ginn. Ech mengen, wann eng Scheedung onëmgänglech ass, an dat schéngt wahrscheinlech de Fall ze sinn, da muss een trotzdem derfir suergen, datt se esou ziviliséiert wéi méiglech iwwert d'Bün geet, am Interêt vu jiddwerengem. Dofir wäerte mir dëse Projet de loi natierlech matstëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Wagner. Leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Goergen (Piraten).**- Merci, Här President. Merci dem Gusty Graas fir säi gudde Rapport. Ob Deal oder No-Deal, aktuell schaffe ronn 40 Bierger aus dem Vereenegte Kinnekräich an der Fonction publique zu Lëtzebuerg. Och si sti mam Brexit virun der Ongewësshheet, wéi d'Liewen zu Lëtzebuerg fir si weidergeet.

No der aktueller Gesetzeslag wär fir si am Fall vun engem ongeregelte Brexit net kloer, wou d'Rees higeet, vu dass d'Konditiounen, fir an der Fonction publique ze schaffen, net méi erfëllt ginn. Während, wann d'Britten net méi Bierger vun engem EU-Memberstat sinn an trotzdem an der Fonction publique schaffe kënnen, stellt sech allerdéngs mëttelfristeg d'Fro vun der Fairness vis-à-vis vun aneren Natiounen.

D'Chambre des Fonctionnaires et des Employés publics hat an hirem Avis als Umierkung ubruecht, d'Konditiounen fir d'Bierger aus Drëttlänner an der Fonction publique u gewësse Konditiounen ze knäppen, zum Beispill un d'Lëtzebuurger Sprooch.

Dat ass ee Punkt, deen een zu engem spéidere Zäitpunkt muss regelen an deen och laangfristeg zu kengem Accord kënn. Wéi ech et scho virdru gesot hunn, wäerten d'Piraten dëse Projet matstëmmen, deen och no dem Brexit eng fair Behandlung vun all eise brittesche Matbierger virgesäit. Dofir gi mir eisen Okay fir dëse Projet.

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Goergen. D'Regierung huet d'Wuert. Et ass eng weider Kéier um Minister fir den effentlechen Déngscht, dem Här Marc Hansen.

## Prise de position du Gouvernement

► **M. Marc Hansen, Ministre de la Fonction publique.**- Jo, Här President, léif Deputéierten, ech wëllt op der éischter Plaz och dem Gusty Graas villmools Merci soe fir säi Rapport, well duerch déi Präzisiounen, déi hie konnt ginn, mengen ech, spuert dat e ganze Koup un aneren Explikatiounen.

Ech si frou, dass dat heiten och breet gedroe gëtt. Et war nach eng Fro, déi opkomm ass vun dem Här Kartheiser, déi awer schonn an der Kommissioun beäntwert ginn ass: Déi, déi an den Établissements publics schaffen an natierlech ënnert de Statut falen, déi sinn och heimmadder ofgedeckt. Ech mengen, dat ass déi Informatioun, déi Dir wollt hunn.

A fir de Rescht soen ech lech Merci fir de Vott, och wa mer net kënnen wëssen - grad ewéi an deem Text vu virdru vun der Ministesch Ca-

hen -, ob deen heiten Text jee eng Kéier gebraucht gëtt, well en och dru gekoppelt ass, dass en eréischt a Kraaft trëtt, wann et dann zu engem Brexit mat engem No-Deal géif kommen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools. D'Diskussioun ass ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7406. Den Text steet am Document parlementaire 7406<sup>3</sup>.

## Vote sur l'ensemble du projet de loi 7406 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Quorum ass erreecht. Duerno de Vote par procuration.

De Vott ass heimat ofgeschloss. De Projet de loi 7406 ass mat 60 Jo-Stëmmen ugehoill.

Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf (par M. Laurent Mosar), Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Paul Galles), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Claude Wiseler) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par M. Roberto Traversini), Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue (par M. François Benoy) et Roberto Traversini ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen (par M. Jeff Engelen), Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

## (Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

## 8. 7401 - Projet de loi relative à des mesures à prendre en relation avec le secteur financier en cas de retrait du Royaume-Uni de Grande-Bretagne et d'Irlande du Nord de l'Union européenne et modifiant :

### 1° la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier ;

### 2° la loi modifiée du 10 novembre 2009 relative aux services de paiement ;

### 3° la loi modifiée du 17 décembre 2010 concernant les organismes de placement collectif ;

### 4° la loi modifiée du 12 juillet 2013 relative aux gestionnaires de fonds d'investissement alternatifs ;

### 5° la loi modifiée du 7 décembre 2015 sur le secteur des assurances ; et

### 6° la loi modifiée du 18 décembre 2015 relative à la défaillance de certains entreprises d'investissement

Eisen nächste Punkt ass de Projet de loi 7401 iwwert den Impakt vum Brexit op d'Finanzplaz. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Laurent Mosar, den Här Franz Fayot, den Här Henri Kox, den Här Roy Reding, den Här Sven Clement an den Här David Wagner.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

## Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. André Bauler (DP), rapporteur.**- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dëse Freiden, den 29. Mäerz, wier den ursprénglechen Datum gewiescht, op deem Groussbritannien d'Europäesch Unioun sollt verloossen. Den Europäesche Rot huet déi lescht Woch, wéi mer alleguer wëssen, aller-

déngs decidéiert, den Delai ze verlängeren, mä enger definitiver Léisung ass een doduerch awer nach net méi no komm.

Fir de Moment schéngt et op alle Fall esou ze sinn, wéi wann ee geregelten Austrëtt, an d'Kolleegen hunn et virdrun och scho präziséiert, ëmmer méi onwahrscheinlech gëtt.

Den Zeenario vun engem ongeregelten Austrëtt, engem hard Brexit also, deen Zeenario, deen déi weénegst sech gewënscht oder virgestallt haten, réckelt ëmmer méi no.

Haut goufe mer dann nach gewuer an der Press, dass d'Ennerhaus, géint de Wëlle vun der Regierung, dëse Mëttwoch iwwer weider Schrëtt berode wäert. D'brittesch Deputéierter wëllen dann elo op eege Fauscht en neie Wee fannen. Et geet also op den Inseln, kann ee soen, drënner an driwwer.

D'Vereenegt Kinnekräich befénnt sech den Ament an engem politesche Chaos, wéi d'Britten en, esou denken ech, nach net erlieft hunn. De Brexit destabiliséiert a schaaft Onsécherheet, dëst souwuel op politeschem wéi op wirtschaftlech Plang.

D'Auswierkunge vun engem Austrëtt vu Groussbritannien am Fall vun engem No-Deal wiere gravéierend. Besonnesch déi respektiv Finanzsecteure vun eise béide Länner si bekanntlech enk matenee verknëppt. Et wier dowéinst fatal, wann déi brittesch Firmen, déi aktuell ënnert dem Regimm vum europäesche Pass - Paspport européen - fir Finanzinstituter zu Lëtzebuerg aktiv sinn, vun engem Dag op deen aneren hiren Accès op de Lëtzebuurger Maart verléiere géifen. Déi brittesch Betriber misste vun haut op muer wéi Firmen aus sougenannten Drëttstate behandelt ginn, an déi Kontrakter, déi de Moment lafen, oder dee Moment lafen, géifen einfach annulléiert ginn.

Dës Zäsur géif potenziell enorm Pertë fir déi eenzel Betriber, Investoren a Clientë mat sech bréngen, ouni ze schwätze vun de Repercussiounen op d'Stabilitéit vun de Finanzmärcheen an der Wirtschaft am Allgemengen. Esou een Zeenario wier zu Recht mat engem wirtschaftlechen Äerdbiewen ze vergläichen.

De Gesetzesprojet 7401 gesäit verschidden zäitlech begrenzte Moossname vir, fir am Fall vun engem Austrëtt vu Groussbritannien ouni Accord, also am Fall vun engem sougenannten hard Brexit, während enger Iwwergangsphas eng gewësse Kontinuitéit a Stabilitéit am Finanz- an Assicurancëberäich ze garantéieren. Fir et konkret ze soen: D'Commission de surveillance du secteur financier an de Commissariat aux assurances kréien d'Méiglechkeet, den aktuelle Statut vun de brittesche Finanzinstituter, déi Kontrakter zu Lëtzebuerg lafen hunn, bis maximal 21 Méint ze verlängeren.

Déi betraffe Betriber gi während dëser Zäit weider als Betriber aus engem Memberstat consideréiert. Si kënnen also hir Geschäfte normal weiterféieren. D'Zil ass, wéi gesot, fir Kontrakter, déi virum Austrëttsdatum vu Groussbritannien ënnerschrifwe goufen, kënnen auszuféieren. Dës Verlängerung vum Statut vun den einzelnen Etablissementer ass awer keen Automatismus, mä d'CSSF an de Commissariat aux assurances huelen d'Decisiounen vu Fall zu Fall.

De Gesetzesprojet gesäit dann och nach Upassung bei der Reglementatioun vun de Systemen de paiement vir. Wa Groussbritannien bei engem haarde Brexit zu engem Drëttstat géif ginn, kéim et och zu enger Zäsur an deem Beräich am Sënn, dass d'Utilisateure vun esou Bezuelssystemer dës net méi benotze respektiv net méi op hir Konten zrëckgräife kéinten.

De Projet gesäit also och Moossnamen an deem Beräich vir. Déi respektiv Gesetzespassagé ginn ugepasst, fir dass d'Banken an d'Finanzinstituter vu Lëtzebuerg weiderhin hiren Accès zu esou Systemer a Groussbritannien behalen.

De Statsrot huet a sengem Avis vum 5. Mäerz keng Opposition formelle formuléiert an huet deemno säin Accord zu dësem Gesetzesprojet ginn. Dat gesot, verweisen ech emol fir d'Éischt fir weider Detailer op mäi schrëftleche Rapport. Ech soen lech dann awer och Merci fir d'No-lauschteren a ginn heimat och gläichzäitig den Accord vu menger Fraktioun.

Merci.

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Bauler. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Laurent Mosar agedroen. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

## Discussion générale

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wollt eigentlech de Mëtteg guer net op d'Riednerpult goen, ...

► **Une voix.**- Très bien !

(Hilarité)





► **M. Laurent Mosar** (CSV).- ... well ech eigentlech nëmme wollt zwou Saache soen. Déi éischt Saach ass, datt mer géifen eisen Accord zu deem Projet ginn. An ech wollt eisem exzellente Président-rapporteur Merci soen. Dat maachen ech natierlech och, besonnesch nodeem ech em och opmierksam nogelauschtert hunn.

Da war eigentlech déi zweet Bemierkung, déi ech wollt maachen, an déi ech och elo nach eng Kéier maachen, déi, datt mir léiwer als CSV gehat hätten, d'Regierung hätt éischter ugefaange mat deene Preparative fir de Brexit an net eréischt am Januar. Da wäre mer näamlech net an déi sportlech Kopplabunze komm, vun deenen den exzellente Rapporteur ëmmer erëm muss schwätzen.

Wann Der mech awer elo de Mëtten hei um Pult gesitt, huet dat eppes domat ze dinn, wat de Moien um néng Auer an der Finanzkommission geschitt ass. An zwar ...

► **M. André Bauler** (DP).- Dat war awer géint zéng Auer!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Géint zéng, dat ass richtig; géint zéng!

(**Hilarité**)

Mir kéinten awer och nach eppes soen iwwer néng, wann Der wëllt, Här President, mä dat maache mer bei enger anerer Geleeënheet.

Dir wësst, wéi mir zu dësem Projet saiséiert gi sinn, hate mer zwou länger Reunionen an der zoustänneger Kommission, notament och mat de Spezialiste vun der CSSF. An Dir wësst, do sinn eng ganz Rei Froe gestallt ginn, notament vu menger Persoun, wat d'Applikabilitéit vun deem Text op Fonge géif ubelaangen. An ech weess net, wéi oft datt ech do déi zoustänneg Beamten hannerfrot hunn, do dann elo all déi Punkte gekläert wäeren, wat zum Beispill d'UCITS betrëfft, déi Fongen, déi am Moment nach en europäesche Pass hunn a wou sech d'Fro effektiv stellt, wéi et no engem net geregelte Brexit géif ausgoen.

Ech hu permanent vun deene Spezialiste gesot kritt, ech sollt mäi Kapp a Rou leeën, dat wär alles kee Problem, dat wär alles an dësem Text mat dran an dat géif scho sai gudde Wee goen.

Ëmsou grouss war mäin Erstaunen awer de Moien, Här President, wéi mer en zweete Projet de loi soumettéiert kritt hunn, deen u sech dëse Projet de loi, dee mer de Mëtten hei stëmmen, schonn erëm verbessert. Dat heescht, Dir Dammen an Dir Hären, haut, wou mer elo iwwert de Projet diskutéieren, wësse mer schonn, datt dee Projet net méi duergeset a muss duerch en zweete Projet, dee mer wäerten den nächsten Donneschdeg stëmmen, completéiert ginn.

Abee, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen et ëmmer: Ech gehéiere schonn zu deenen, déi laang derbäi sinn, 25 Joer ...

(**Interruption**)

Ech muss allerdéngs soen, an ech mengen, ech schwätzen ënnert dem Contrôle vum President: Ech hunn e puermol drop higewisen, datt mer géife riskéieren, Problemer ze kréien um Niveau vun den UCITS. Et ass mer awer net nogelauschtert ginn. Ech hunn awer elo de Moien da mat enger gewëssener Freed constatéiert, Här Finanzminister, datt elo menge Suerge Rechnung gedroe gëtt. Wa mer dat éischter gemaach hätten, ...

► **Plusieurs voix**.- Ooh!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- ... Här Finanzminister, hätt mer keng zwee Projekte misse stëmmen. Dir gesitt also, och e kleng Kontabel kann heiansdo ...

(**Hilarité**)

► **Une voix**.- Ah, ah, ah.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- ... kann heiansdo eppes wëssen. Ech muss lech soen, ...

(**Hilarité et interruption**)

... ech hätt léiwer gehat, Här Minister, mir hätten d'Aarbecht direkt anstänneg gemaach, da bräichte mer en Donneschdeg net nach eng Kéier unzetrieden. Ech fannen, dat doten ass einfach net gutt fir den Image vun eiser Finanz-

plaz, well déi kréien dat jo och mat, datt hei huet missen nogebessert ginn. An dat ass och net gutt fir den Image vun eisem Land.

Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Mosar. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Franz Fayot. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

(**Brouhaha**)

► **Une voix**.- Lauschtert dem President no!

► **M. Franz Fayot** (LSAP).- Merci, Här President, ech ginn net op d'Riednerpult. Ech wollt dem Här Mosar Merci soe fir seng Intervention. Wat si mir esou frou, dass mer lech hunn, dass Dir eis ëmmer kënnt soen, wat ...

(**Interruption par M. Laurent Mosar**)

... am Viraus soen, wat mer solle maachen oder wat dann op eis zoukënn! Op alle Fall mengen ech, dass dat heiten en Text ass, deen néideg ass am Kontext vun engem méiglechen hard Brexit. Et ass alles gesot.

Dem Rapporteur e grouse Merci an den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Text.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Fayot. Da wier et um honorabelen Här Henri Kox. Här Kox, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Henri Kox** (déi gréng).- Jo, Merci, Här President, och mir als Gréng ënnerstëtzen dëse Projet, fir och d'Finanzwelt op déi dote Situation anzustellen.

Virun hu mer zwee Projekte gestëmmt iwwert d'Persounen. Mä ech war de Moien och an där Sëtzung an ech hunn dem Mataarbechter vum Ministère opmierksam nogelauschtert, an e konnt eis dat wierklech ganz propper erklären, firwat déi Situation dann esou ass. An ech wonnere mech schonn, well hei geet Lëtzebuerg hin a probéiert am Konsens mat der Europäescher Kommission, dat unzegoen an net eleng hei virzepschen. Well mir wollte jo nach ëmmer, oder ech mengen, mir sinn nach all der Iwwerzeegung, dass de Brexit eppes Falsches ass. A mir sinn nach all der Iwwerzeegung a mir hoffen - mä dat weess ee jo ni -, dass vläicht awer e Revirement kënnt. An dofir wonneren ech mech iwwert déi Explikationen, well de Moien huet den Här Turmes dat ganz kloer gesot, dass mat der Ofstëmmung vun der CSSF an natierlech och vum Commissariat aux assurances dat mam Marché zesumme gekuckt gëtt, fir wierklech hei bis op d'dernière minute dat Beschts aus dëser jo awer quokeleger Saach ze maachen.

Dofir ginn ech zum Schluss awer den Accord vun der grénger Partei fir déi ganz virsichteg Politik vun dëser Regierung.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Kox. An ech ginn d'Wuert weider un den honorabelen Här Roy Reding. Här Reding, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Roy Reding** (ADR).- Jo, Merci, Här President. Ech stelle mat Freed fest, datt hei een Deputéierten deem aneren Deputéierten de Ball zougehait an et méiglech mécht, eppes méi ze soen, wéi nëmmen een Accord ze bréngen. Ob de Brexit falsch ass oder net, Här Kox, datt iwwerloosse mer dem brittesche Vollek. Ech fannen, et steet eis als Parlament net zou, fir eng Entscheedung an engem Referendum vun iergendengem anere Land op dëser Welt a Fro ze stellen. Eng Majoritéit vun de Britten, vun de Bierger vun Vereenegte Kinnekräich, si fir de Brexit. An ech hoffen, datt se hire Wëlle gedoe kréien.

Ech soen dem Här Bauler Merci fir säin exzellente Rapport a selbstverständlech fënn den Accord vun der ADR. En ass ëmmerhin am Interêt, kommt, mir vergiessen dat net! Ech wëll elo hei keng Zuelen opzielen, wivill Prozent d'Finanzplaz ausmécht an eisem Statsbudget, wivill Aarbechtsplazen d'Finanzplaz ausmécht a wéi se dosteet als Gréissten an Europa an Zweetgréissten op der Welt. Et ass extrem wichteg fir eis Plaz. An esou Gesetzter fannen ëmmer erëm eisen Accord als ADR.

Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Reding. An da kritt d'Wuert den ho-

norabelen Här David Wagner. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- Merci, Här President. Ech kéint, wéi a gewinnter Weis, och nach eng Ried iwwert d'Finanzplaz hei zu Lëtzebuerg halen.

(**Hilarité, brouhaha général, interruptions diverses et coups de cloche de la présidence**)

D'Finanzplaz zu Lëtzebuerg, wéi mir ëmmer soen, an net: d'Lëtzeburger Finanzplaz! Dat ass vläicht eng kleng Nuance. Mä anerersäits wäerte mir trotzdem dee Projet de loi ënnerstëtzen, well e prinzipiell awer eng Incertitude muss regele fir brittesch Betriber allgemeng, datt se weider hire Passeport bäibehalen.

Et mierkt een awer och, vu datt dat jo eng Mesure ass, déi am Kader vun engem No-Deal misst a Kraaft trieden, datt awer trotzdem an deem Kontext Léisunge fonnt ginn, quitte datt se nëmmen temporär sinn. 21 Méint ass net ganz laang, mä ass awer eng kleng Zäitchen. A bis dohi wäerte sech vläicht - mir wësse jo nach net, wéi d'Geschicht definitiv ausgeet -, mä wäerte sech vläicht och nach Léisunge fannen.

De United Kingdom huet scho viles matgemaach. Et gouf gesot virdrun: „Dat ass warscheinlech eng vun deene schlémmste Saachen, déi d'Vereenegt Kinnekräich matmécht!“ Ech géif derbäifügen: Wann een zrëck an d'Geschicht kuckt, den Zweete Weltkrich, d'Period ënnert dem Cromwell, oder wat och ëmmer, ech mengen, do hunn d'Britte scho ganz vill schlémm Saache matgemaach. Och d'Madamm Thatcher an och den Tony Blair hu si matgemaach. Si hunn och d'Madamm May matgemaach. A mir hoffen, datt dat net ze vill laang dauert.

Well de Problem ass jo haaptsächlech deen, datt e katastrophale Sozialofbau a Groussbritannien geschitt ass ab den 80er Joren ënnert der Madamm Thatcher a weidergefuert gouf vum sougenannten New Labour, deen ee besser kéint als New Tories bezeichnen. A mir maachen eis nach ëmmer d'Hoffnung, datt trotzdem, ob Brexit oder net, den nächste Premierminister Jeremy Corbyn heescht, well d'Britten, ech mengen, dat, wat de Britte wierklech um Mo läit, dat ass de Sozialofbau, dee geschitt ass. An dofir ass et vläicht schued, dofir wier et vläicht schued, datt, wann den nächste Premier Corbyn heescht, de United Kingdom net méi an der Europäescher Unioen wier, well dann hätt mer weider Alliéierter, fir d'Europäesch Unioen an eng besser Richtung ze bréngen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Wagner. Leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Sven Clement** (Piraten).- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dëse Projet soll, wéi Dir et scho gesot hutt, englesche Banken an Assurancé bis zu 21 Méint Iwwergangszäit ginn, fir sech als Institutioun aus engem Drëttsat mat Regeln, déi no engem Brexit géife gëllen, konform ze stellen.

Datt dësen Text iwwerhaupt néideg ass, ass u sech dorunner geschëllt, datt d'Britte selwer net wëssen, wat se dann iwwerhaupt wëllen. Dat hu mer gëschter Owend jo nach eng Kéier grandios gesinn. An ech mengen, datt mer grad eng Lektioen vu Parlamentarismus an England kënne materliewen, ...

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Loosse mer ofwaardeden!

(**Hilarité**)

► **M. Sven Clement** (Piraten).- ... déi zumindest, egal wat den „outcome“ ass, spannend wäert ginn.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Eng kleng Lektioen vläicht!

► **M. Sven Clement** (Piraten).- Dat gesi mer dann, Här Bodry, ob dat eng Lektioen ass am positiven oder am negative Sënn. Eppes Neies wäerte mer, egal wéi, dobäi léieren.

Mir mussen awer doduerjer hei an den Téiblieder an am Kaffissaz liesen, fir eis, an domadder och d'Finanzplaz an d'Land, op d'Konsequenze vun engem Handele virzebereeden, wat mer nach guer net kennen. Wéi also och déi Texter virdrun, ass dat heiten e spekulativen Text, deen dovunner ausgeet, datt eppes kënnt, wat vläicht um Enn guer net komme wäert. An ech wäert mech elo hidden a Viraussoen iwwert d'Zukunft maachen. Ech hoffen, datt et net zu engem haarde Brexit kënnt. Ech hoffen, datt mer deen Text hei guer net musse benotzen an datt en an d'Annale vun der Geschicht ageet als en Text, deen an dësem Moment wichteg war, fir eis ze preparéieren, mä „ultima ratio“ onnëtz war.

Dofir, well en elo wichteg ass, an hoffentlech an Zukunft onnëtz ass, wäerten d'Piraten dësen Text matdroen.

Villmools Merci.

► **Plusieurs voix**.- Oh!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Clement.

(**Interruptions**)

D'Regierung huet d'Wuert. Här Finanzminister Pierre Gramegna, et ass un lech.

**Prise de position du Gouvernement**

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, fir d'Éischt emol e grouse Merci un den André Bauler fir säi mëndlechen a schréftleche Bericht.

Deen Text, dee mer haut hei, schénge et, unanime unhuelen, ass natierlech am Interêt vum Land an am Interêt vun der Finanzplaz, mä ech géif soen, och am Interêt vun der Stabilité financière vu ganz Europa.

Ech géif gäre just de rezente Kalenner vun den Evenementer hei opzielen, fir ze weisen, a welchem Rhythmus d'Regierung an d'Administration geschaff hunn, an och fir ze erklären, firwat verschidde Saachen am Timing geschitt sinn, wéi et gaangen ass.

Mir hunn nach den 19. Dezember 2018 - dat ass jo net esou laang hier, dat sinn dräi Méint - vun der Kommission gesot kritt, als Etat-membren, mir sollen näischt ënnerhuelen, mir solle keng national Mesuren huelen.

Ech weess, dass verschidde Länner sech net dru gehalen hunn. Ech géif just gär déi Fro hei an de Raum stellen. Wa mir dann eng Initiativ geholl hätten, hätt verschiddener gesot: „Dir haalt lech net un d'Instruktiounen, déi d'Kommission den Etat-membre gëtt!“

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Déi huet eis keng Instruktiounen ze ginn, Här Minister.

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Neen, mä d'Kommission ass zoustänneg fir d'Verhandlung vum Brexit. An do ass et e Mandat ginn. A si hat nach eng Hoffnung, dass do Léisunge géife fonnt ginn. Mir hunn also de Jeu communautaire gespillt.

Am Dezember 2018 huet och d'Kommission nach eng Rëtsch Decisioun geholl, ënner anem, fir Équivalence-temporaires ze huelen, well d'Kommission, an dat gesäit een an domadder ass dat och bewisen, war matten an den Negociatiounen, fir verschidde Léisungen ze fannen.

De 15. Januar war dunn de Vott zu Westminster am Parlament, bei deem den Accord, dee vum Theresa May mam Här Barnier ofgeschloss ginn ass, rejetéiert ginn ass. De 15. Januar. Vun deem Moment un ass et natierlech ëmmer méi probabel ginn, dass e grouse Risk géif bestoen, dass den Austrëtt vum Vereenegte Kinnekräich kéint op eng ganz desordonnéiert Aart a Weis geschéien, ouni Accord.

Doropshin hunn d'Regierung an d'Administration séier geschafft. Zéng Deeg duerno, de 25. Januar, hu mer am Conseil de Gouvernement den Text, dee mer haut diskutéieren, deen Dir haut diskutéiert, ugehall. An deen ass nach am Januar an der Chamber deposéiert ginn. An ech géif hei gären all deenen, déi domat befaasst waren, den Deputéiert an an der Commission des Finances et du Budget, an och haaptsächlech dem Conseil d'Etat, Merci soen, fir esou séier geschafft ze hunn. Mir beweisen heimat, dass eis Institutiounen an der Urgenz fonctionnëiere kënnen.

► **Une voix**.- Très bien !

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Et ass esou, dass mer, och well mir eis un de Rhythmus gehalen hunn, deen tëschent Partner ausgemaach ginn ass, natierlech awer gekuckt hunn, wat anerer gemaach hunn. Ech hu virdru gesot: „Verschiddener hu sech net dru gehalen!“ An dat huet eis gehollef, wéi verschidden aner Länner déi Mesure-provisoiren, déi national Mesurë géifen huelen. Mir hunn, ënner anem, bei de Fransouse gekuckt, wéi si et maachen. Si hunn eng einfach Method, déi lech hei als Parlamentarier warscheinlech net gutt gefält an déi bei eis souwisou net méiglech ass, déi vun den Ordonnancen. Do kann d'Regierung soen: „Mir kënne par ordonnance relativ séier Mesuren huelen.“ Soudass d'Fransousen e relativ limitéierte Paquet vu Mesurë geholl hunn a warscheinlech nach kënne bis op déi lescht Sekonn verschidde Saachen aus dem Hutt oder aus dem Tirang zéien. Dat kënne mir zu Lëtzebuerg net maachen. De französische Modell kënne mer also net kopéieren, well dee System vun Ordonnancen hu mer net, an do gëtt och d'Parlament komplett op der Säit gelooss.

Vun den Hollänner hu mer, ënner anem, d'Transposition vum de Règlements d'opéra-

Le saviez-VOUS ?

## HUIS CLOS

Les séances de la Chambre sont publiques, sauf décision contraire émanant de la majorité des membres du Parlement. Dans ce cas la Chambre siège à huis clos et la séance est tenue en secret.





tions sur titres gekuckt an dat iwwerholl, wat och de Conseil d'État ënnerstrach huet. A vun den Däitschen hu mer iwwerholl, an ech mengen, dat ass e ganz wichtege Punkt, en Delai vun 21 Méint.

Ech muss lech soen, ech kann dat hei soen, dass d'Kommissioun guer net begeeschtert ass, dass verschidde Länner esou e laangen Delai wéi 21 Méint geholl hunn, well si seet: „Ma domat hiewelt Der e bëssen d'Verhandlungsposition vun der Kommissioun aus!“ Mä vu dass Däitschland awer relativ fréi am Spill déi 21 Méint do an hire Projet geschriwwen huet, hu mir fonnt: Ma da kënnen mir dat och maachen. Comme quoi de Fait, dass mer eis un de Rhythmus vun der Kommissioun gehalen hunn a konnten e bësse kucken, wat aner Länner maachen, eis en fait gehollef huet.

Wat hu mer hei am Text dran? Eng ganz wichtige Regel, dat ass d'Clause grand-père, „grand-fathering“, en fait, dat ass d'Continuitéit vun de Kontrakter mat där Notioun vun engem Delai vun 21 Méint eventuell, dat ass gutt fir d'Sécurité juridique.

Wat hu mer och dran? Eng gewësse Marge de manœuvre fir d'CSSF an och fir de Commissariat aux assurances, wat d'Agrementen ubelaangt, wat d'Situation juridique vun den Akteuren ubelaangt, fir dat weiderlafen ze loossen, erëm eng Kéier fir eng Period vun 21 Méint.

Wat brénge mer domat fäerdeg, mat deene Mesuren alleguerten? En fait dräi Saachen: éischtens, d'Stabilitéit vun der Finanzplatz, d'Stabilitéit vun de Finanzen, zweetens, d'Kredibilitéit vun eiser Finanzplatz an drëttens d'Protektion vun den Deposanten. Et dierf een haut net vergiessen, dass, als ee vun den Haaptakteuren, en fait deen zweetwichtigsten an der Welt, wat d'Fongenindustrie ubelaangt, natierlech ganz vill Clientèle vun eisen Investissementsfonge profitéieren, kleng Parten dovunner hunn; mir protegéieren heimadde och déi Deposanten.

Zum Schluss géif ech gäre just e Wuert, e ganz kuerzt Wuert soen zum Här Mosar senger Remark, och do gouf et Incertituden. Ech si frou, dass mer do konnten elo relativ séier nach eppes noschéissen. Hei bewiese mer, dass mer an der Urogen kënnen handelen. An ech freee mech wierklech, dass mer an dëse schwéieren Zäite vum Brexit zu Lëtzebuerg kënnen déi national Mesuren elo zurzäit huelen, well d'Endresultat vum Vott haut a vum Vott en Donneschdeg bréngt mat sech, dass mer bis d'nächst Woch all déi Mesuren en vigueur hunn. A mir wëssen, dass elo den Datum, deen eng Méiglechkeet ass, den Datum vum 12. Abrëll ass. Bis dohinner si mir préparéiert. Eis Texter sinn dann en vigueur.

Ob se dann notzen, hänkt dovunner of, wéi eis englesch Partner sech do debrülléieren - ech mengen, dat ass dat gentilest Wuert, wat ech hei ka gebrauchen -, fir aus hirer Oneenegkeet erauszekommen a vläicht nach aner Weeër ze fanne wéi deen, deen de Moment am probabelste schéngt. An dee Wee, dat ass dee vun engem Sortie ouni Accord, wat mer natierlech alleguerte bedauern.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Finanzminister. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7401. Den Text steet am Document parlementaire 7401<sup>2</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7401 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Quorum ass erreecht. Duerno de Vote par procuration.

De Vott ass heimat ofgeschloss. De Projet de loi 7401 ass mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui : *Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Diane Adehm), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Paul Galles), Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;*

*MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par Mme Josée Lorsché), Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue (par Mme Stéphanie Empain) et Roberto Traversini ;*

*MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou decidéiert.

## 9. 7172 - Projet de loi

**1. relative à la protection sanitaire des personnes contre les dangers résultant de l'exposition aux rayonnements ionisants et à la sécurité des sources de rayonnements ionisants contre les actes de malveillance ;**

**2. relative à la gestion des déchets radioactifs, du transport de matières radioactives et de l'importation ;**

**3. portant modification de la loi modifiée du 21 novembre 1980 portant organisation de la Direction de la santé**

Dee leschte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut ass de Projet de loi 7172 iwwert de Schutz géint d'Gefore fir d'Leit, déi ioniséierte Stralen ausgesat sinn. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madame Françoise Hetto-Gaasch, d'Madame Josée Lorsché, den Här Jeff Engelen, den Här Sven Clement an den Här Marc Baum. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Mars Di Bartolomeo.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Här Di Bartolomeo, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission de la Santé et des Sports**

► **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** - Merci, Här President. Kolleginnen, Kollegen, Dir Dammen an Dir Hären, de 25. Mäerz 1957 sinn zu Roum déi europäesch Vertrag ënnerschriwwen ginn: een iwwert d'Grënnung vun der Europäescher Wirtschaftsgemeinschaft an een zweeten iwwert d'Grënnung vun eurer Europäescher Atomgemeinschaft, och als Euratom-Traité bekannt.

Eent vun den Ziler vun dësem Traité war d'Festleung vun eenheetleche Sécherheetsstandarde fir de Schutz vun der Populatioun an e spezielle Schutz vun de Leit beim berufflechen Émgang mat ioniséierende Stralen. Strale bal aller Aart.

Doropshin hu mer hei zu Lëtzebuerg 1963 e Gesetz ugeholl, wat den Émgang mat radioaktive Substanzen a Röntgenapparater regelt. D'Loi modifiée du 25 mars 1963 concernant la protection de la population contre les dangers résultant des radiations ionisantes huet deemools ee Kader geschaaft, deen et erméiglecht huet, dës Substanzen an Apparater esou ze kontrolléieren, dass d'Gefor fir de Mënsch méiglechst kleng wier.

1983 ass du mam Gesetz vum 10. August de Schutz vun Patient géint iwwer de Stralen, déi medezinnesch genotzt ginn, bei dee vun der Populatioun an dee vun de Leit op der Aarbecht derbäikomm.

D'Ausféierungsbestëmmunge vun deenen zwee Gesetzter stinn aktuell an zwee groussherzogleche Reglementer: vum 14. Dezember 2000 a vum 16. Mäerz 2001.

Mat der Direktiv 2013/59/Euratom vum 5. Dezember 2013, déi d'Euratom-Direktiven 89/618, 90/641, 96/29, 97/43 an 2003/122 ofgeschaaft huet, sinn déi europäesch Virgaben an der Radioprotektioun komplett iwwerschaaft ginn, souwuel wat den Inhalt wéi och wat déi verschidde reglementaresch Approchen ugeet. Aus dësem Grond war et noutwendeg, och de Lëtzebuurger gesetzleche Kader komplett ze iwwerschaafen.

De Gesetzesprojet 7172 ass de 24. August 2017 vun der Gesondheitsministesch Lydia Mutsch an der Chamber deponéiert ginn. De Projet ass vun der Chambre de Commerce, der Chambre des Métiers, dem Collège médical, dem Conseil supérieur de certaines professions de santé, der ITM, der FHL, der Gesondheitsdirektioun, der AMMD, der Direktioun vun der

Defense, der Datschutzkommissioun an der Association luxembourgeoise de physique médicale aviséiert ginn.

Dir gesitt also: e ganze Koup Avisen zu engem Projet, dee sécher net zu esou animéierten Diskussiounen wéi am brittesche Parlament wäert féieren, mä awer zu engem Projet, deen extrem wichtig ass. An ech wäert herno drop zrëckkommen.

De Conseil d'État huet a sengem Haaptavis eng Rei vun Oppositions formelles formuléiert. Eis Kommissioun huet an enger Dose Sätzungen ...

Dir gesitt also, et ass keen einfache Projet. Et ass e Projet de rapport, deen 275 Säite begreist an deen eng ganz Rei vu Facetten huet. An ech muss lech soen, dass et eis schwéiergefall wär, fir ee verständlechen an e komplette Rapport ze maachen, wa mer net op déi kompetent Assistenz vun den Experten aus der Santé an deene gudde Leit och aus eiser Administratioun hätte kënnen zrëckgräifen.

Eis Kommissioun huet also an enger klenger Dose Sätzungen den Text analyséiert, amendéiert, den Awänn vun Statsrot Rechnung gedroen an huet no zwee Avis-complémentaire vum Conseil d'État dee Rapport, deen ech lech haut ka presentéieren, an hirer Sëtzung vum 4. Mäerz eestëmmeg ugeholl.

Ech wëll bei dëser Geleeënheet menger Virgängerin als Presidentin vun der Kommissioun, dem Cécile Hemmen, Merci soe fir déi exzellent Viraarbecht.

D'Zil vum Gesetzesprojet ass et, d'Regele fir de Schutz vun de Leit bei berufflecher, medezinnescher Expositioun an der Expositioun a senger Émwelt festzeleeën.

Weiderhi schafft dëst Gesetz och ee Kader fir den Émgang mat radioaktivem Offall. Konkret geet et drëm, d'Pratiquen ze regelen, bei deenen de Mënsch ioniséierende Stralung bewosst ausgesat gëtt, sief et an der Medezinn, zum Beispill der Nuklearmedezinn, der Radiotherapie oder der Radiologie, an der Industrie, wou beispillsweis radioaktiv Quelle benotzt ginn, fir Prozesser ze iwwerwaachen, bei Sécherheetskontrollen, wéi zum Beispill um Fluchhafen, oder an der Recherche. Geregelt gëtt de Besëtz, d'Stockéieren, den Émgang, den Transport, den Import an den Export vu radioaktive Substanzen souwéi den Émgang mat anere Geräter, déi Strale fräisetzen.

„Pratique“, esou geet et queesch duerch de Gesetzestext, ass deen Term, dee benotzt gëtt, fir all dës Applikatiounen ze émschreien.

Dernieft geet et och ëm Expositiounen - Expositions d'urgence - am Fall vun engem Accident, an ëm déi existéierend Expositioun vu Stralen an eiser Émwelt, wéi beispillsweis dem Radon, engem natierleche radioaktive Gas, oder der kosmescher Stralung am Fall vum Fliogerpersonal.

D'Radioprotektioun baséiert op den dräi Prinzipien: Justifikatioun, Optimisatioun a Limitatioun.

Dobäi gëllt als justifizéiert nëmmen dat, wou de Benefiss méi grouss ass wéi de Risiko fir d'Gesondheet. Laut dësem Gesetz ass och nëmmen dat zoulässeg. Alles, wat dës Kriterien net erfüllt, ass et net.

D'Obligatioun zur Optimiséierung bedeit, d'Expositioun esou niddreg wéi méiglech ze halen.

Weiderhi si berufflech Expositiounen limitéiert. Bei de medezinneschen Expositiounen gëllt dat beschränkt, well soss bei engem Patient, beim Erreeche vun där Limit, déi noutwendeg Behandlung missen ënnerbrach ginn. Wat jo alicht, dass et do muss Exceptiounen ginn.

Bei der Definitioun vun de Limiten hält dëst Gesetz sech ganz strikt un d'Direktiv. Beim Alter, ab deem een am Beruf kann exponéiert ginn, bleiwe mer awer bei engem Mindestalter vun 18 Joer, woubäi d'Direktiv d'Méiglechkeet vu 16 Joer am Kader vun der Ausbildung erméiglecht.

Den Titre III vum Gesetz regelt déi verschidde Qualifikatiounen, déi vun deene Persounen verlaangt ginn, déi am Beräich vun der ioniséierende Stralung schaffen. Mat dem Expert en radioprotection an dem Expert en physique médicale ginn zwee nei Beruffer geschaaft. Alle béid hu se d'Missioun, d'Etablissementer ze beroden: de Straleschutzexpert am Beräich vun der Stralescherheet an de Medezinnphysiker beim Schutz vun Patient.

Bei anere Beruffer ginn Zousazqualifikatiounen gefrot, fir verschidden Aufgaben dierfen ausféieren. Dës sinn:

- den Aarbechtsdokter fir berufflech exposéiert Persounen;

- de Straleschutzberoder, d'Personne chargée de la radioprotection, dee sech am Betrib ëm de Straleschutz këmmert, äänlech engem Sécherheetsberoder am Aarbechtsrecht;

- d'Dokteren an d'Zännokteren, déi jee no Spezialisatioun verschidde radiologesch, nuklearmedezinnesch oder radiotherapeutesch Akten dierfen duerchféieren.

An der Annex I vum Gesetz ginn dann déi Akte präziséiert, déi d'Dokteren, jee no Spezialisatioun, duerchféieren däerfen, virausgesat si hunn d'Qualifikatioun a sinn autoriséiert.

Soumadder bréngt dëst Gesetz méi Präzisatioun, wat d'Qualifikatiounen ugeet. Weiderhi féiert et fir all déi grad genannte Berufsgruppen eng obligatoresch Weiterbildung an. An nei ass och, dass de verschreiwenden Dokter, definiert als „Médecin demandeur“, u Weiterbildung iwwert d'Critères de bon usage des examens d'imagerie médicale deelhuele muss, engersäits, well d'Direktiv dëst fuerdert, anerersäits, well rezent Auditen hei zu Lëtzebuerg gewisen hunn, dass d'Qualitéit vun de Verschreiwunge verbessert ka ginn. Et gëtt also duerchaus Loft no uewen.

All dës Weiterbildung si jee weils an enger Period vu fënnef Joer ze widderhuelen. Dës nei Obligatioun dréit der rasanter Entwécklung vun der Medezinntechnik Rechnung.

An dësem Kapitel ginn och e puer spezifesch Aspekter geregelt. Dëst sinn:

- d'Missiounen an d'Konditiounen vun engem Dosimeterservice. Den Dosimeter misst d'Stralenexpositioun - Dosimeter, de Service de dosimétrie, deen dat misst opgrond vum Dosimeter;

- Formatiounen do, wou speziell Kenntniss gefrot sinn, wéi beispillsweis Röntgen an der Veterinärmedezinn;

- d'Informatioun fir den Aarbechter a Betriber, wou mat Strale geschafft gëtt, an do, wou e Risk besteet, dass radioaktiv Substanzen kënnen entdeckt ginn;

- Formatioun fir Asazkräften am Fall vun engem Accident.

Den Titre IV definéiert de System, mat deem d'Kontroll iwwert d'Pratiquen assuréiert gëtt. Dëse System ass an e puer Etappen opgebaut a jee no Risiko méi oder manner contraignant.

Als éischt Etapp gëtt d'Justifikatioun vun enger Pratique festgestallt. Dës Kriterien erfëllen all déi Pratiquen, déi et haut schonn zu Lëtzebuerg gëtt. Dat heescht, bei deene Saachen si mer konform. Kënnt awer muer eng nei Applikatioun oder eng nei Technik derbäi, muss fir d'Alleréischt nogewise ginn, dass de Benefiss vis-à-vis vun Risiko iwwerweert.

Iwwert dee Wee stellt d'Gesetz och direkt kloer, wéi eng Pratiquen hei zu Lëtzebuerg verbuede sinn. A wann Der héiert, wat fir eng Pratiquen dat sinn, da gesitt Der, wéi wichtig dass dat Gesetz ass. Hei geet et engersäits ëm Anlage wéi beispillsweis en Atomkraftwierk an alles dat, wat domat zesummenhängt, dat kann opgrond vun dësem Gesetz hei zu Lëtzebuerg net gemaach ginn. Et gëllt och anerersäits fir méi alldieglech Produite wéi radioaktiv Blëtztabletteren.

D'Etablissementer, déi mat Strale schaffen, sinn a véier Klassen agedelt, woubäi d'Klass I déi mat deem héchste Risiko ass. Heirënner fällt zum Beispill d'Radiotherapie. Etablissementer aus de Klassen I an II mussen vum Gesondheitsminister respektiv am Fall vun der Klass III vun der Santésdirektioun autoriséiert ginn. D'Klass IV, bei där et ëm ganz schwach radioaktiv Substanzen geet, muss der Direktioun notifizéiert ginn.

Als Ofschloss vun der Autorisatiounsprozedur steet eng Rezeptioun duerch de Straleschutzexpert, fir d'Sécherheet ze iwwerpréieren. Eréischt da kann d'Installatioun a Betrib geholl ginn.

Weiderhi gëtt hei eng Tax agefouert, déi déi autoriséiert Etablissementer all Joer ze bezuelen hunn. Jee no Klass sinn dat 200, 500 oder 1.000 Euro.

Dem Titre V no läit d'Responsabilitéit fir d'Sécherheet an de Schutz vun de Leit eenzeg an eleng bei den Etablissementer, déi domat schaffen. D'Etablissement muss sech heifir vun engem Straleschutzexpert berode loossen. Mat dem Aféiere vun dësem Expert huet deemno d'Direktioun vun der Santé an hirer Fonctioun als Autoritéit fir d'Radioprotektioun keng Roll méi als Beroder ze iwwerhuelen, mä eenzeg an eleng als Kontrollorgan, fir ze iwwerpréieren, ob d'Regelen agehale ginn.

Zu de Responsabilitéiten vum Etablissement zielen ënner anerem:

- d'Opstelle vun enger Risikobewäertung an internen Prozeduren;

- d'Klassifikatioun vun de berufflech exposéierte Mataarbechter souwéi hir Iwwerwachung duerch den Aarbechtsdokter an dem Dosimeterservice;

- d'Ariichte vu kontrolléierten Zonen ronderëm d'Stralequelle gehéieren och derzou.